

*„Du bass*
*bis zum leschte Moment*
*vun dengem Liewe wichteg,*
*a mir wäerten*
*alles maachen,*
*fir dass Du net nëmmen*
*a Fridde goe kanns,*
*mee liewe kanns*
*bis zum Schluss.“*

Cicely Saunders



HAAPTMANN'S SCHLASS BERBOURG

# PALLIATIV CARE

*„Gutt liewen, stierwen dierfen.“*



**Cipa Haaptmann's Schlass | 4, Brucherstrooss | L-6831 Berbourg**
Tel: 71 08 31 1 | E-Mail: hmsb@elisabeth.lu

**elisabeth.lu**

elisabeth senior

Haaptmann's Schlass | PALLIATIV CARE

## Palliativ Fleeg...

... betruecht d'Stierwen als e **normale Prozess** den zum Liewe gehéiert.

... soll den Doud **weder beschleunegen nach verzögeren.**

... verschaft **Lënnerung** vu Wéi a belaaschtende Symptomer.

... ass eng **professionell Versuergung** duerch **geschoulte** Mataarbechter aus alle Beräicher.

... gesäit de Mënsch **ganzheetlech** a schléisst souwuel medezinesch wéi fleegeresch, souwéi och psychesch a spirituell Aspekter mat an.

... versicht dem Bewunner eng gréisstméiglech **Autonomie** ze erhalen.

... ënnerstëtzt de **Bewunner a seng Famill** a sämtleche Phasen.

... respektéiert zu all Moment **Är Wënsch a Gewunnechten.**

## Am Gespréich bleiwen

- Eis leien Är Wënsch um **Häerz.**
- Eis ass wichteg eng Vertrauensbasis ze schafen déi et erméiglecht vun Ufank u **mat Iech iwwer Palliativ Care kennen ze schwätzen.**
- Palliativ Care ass bei eis **scho virun der Opnam** en Thema.
- Wärend Ärem Openthalt am Haus plange mir mat Iech an Ärer Famill **reegelméisseg Gespréicher** zum Thema Palliative Care.
- **Eis ass et wichteg,** zum richtegen Zäitpunkt zesumme festzehalen wei Dir Iech Är läscht Deeg virstellt, wat Dir gären hätt, a wat net.
- **Meenungen an Ëmstänn änneren sech,** an dofir kucke mer ëmmer erëm zesummen duerch, ob dat wat mer festgehalen hunn, nach Ären aktuelle Wënsch entsprécht.



D'Haaptmann's Schlass bitt zu all Moment eng ëmfaassend a komplett palliativ Versuergung un.

**Mir kënne Iech et erméigleche bis zum Enn bei eis am Haus ze bleiwen oder aus der Klinik erëm bei eis zeréckzekomme fir versuergt ze ginn, falls dëst Äre Wonsch ass.**

Är Famill kann dobäi ronderëm Auer bei Iech an der Kummer bleiwen an och un de Moolzechten deelhuelen.




Eist **Zil ass** et **Är Wënsch** zesumme schrëftlech festzehalen, ze **respektéieren** an **ëmzesetzen.**

Haaptmann's Schlass
BERBOURG

**MIR SI FIR IECH DO ...** **... FIR ÄR WËNSCH ZE ERFËLLEN**